



## Assemblée générale ordinaire du 24 mars 2016

### Allocution du président Thierry Ries

Dir Dammen an dir Hären

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Gudden Owend a Merci dass dir iech Zäit geholl hutt fir haut op eiser Assemblée générale dobäi ze sinn.

Eigentlech wollt ech op dëser Platz zwee vun eise fréiere Presidente begréissen. Mä leider huet sech de Michel Schmitz haut krankheetshalber ofgemellt an de Fernand Muller gëschter, well hien haut mat der UFE zu Budapest ass.

Dofir kann ech dann awer eise Kolleg Romain Wolff souwuel als Generalsekretär vun der CGFP häerzlech wëllkomm heeschen, mä och a ganz besonnesch als President vun eiser Chambre des fonctionnaires, eng Funktioun op déi hien d'lescht Joer no de Berufschamberwale gewielt ginn ass.

Desweidere begréissen ech den Här Georges Muller, Direkter vun der Chambre des fonctionnaires esou wéi säi Mataarbechter den Här Marc Poos, allen zwee och Member vun der AGC.

De Pierre Trausch Grënnungsmember vun der AGC ass leider haut denowend verhënnert an huet sech dofir entschëllegt.

Ee weidere Grënnungsmember kënne mir leider net méi an eiser Mëtt begréissen an zwar de Maurice Schmitz deen d'lescht Joer am Dezember am Alter vun 83 Joer verstuerwen ass. Hie war net nëmme 1975 Grënnungsmember vun der AGC mä och schon 1966 Membre fondateur vun der Association luxembourgeoise des cadres fonctionnaires, also vun enger vun eisen zwou Virgängerorganisatiounen. Joer fir Joer huet hie sech et net huele gelooss fir op eiser Generalversammlung present ze sinn an och emol kuerzerhand d'Wuert ze ergräifen.

Mir wäerten hien a gudder Erënnerung halen.

Ee Joer op den Dag genee ass et hir, dass d'Gesetzer zu de Reformen an der Fonction publique vun der Chambre des Députés gestëmmt gi sinn an den 1. Oktober 2015, also viru knapp 6 Méint a Kraaft getruede sinn.

A wa se am Ministère vun der Fonction publique nom Vote 6 Méint Zäit hate fir sech op déi nei Dispositionen anzustellen da bleift haut also weider 6 Méint no der Entrée en vigueur awer nach esou munches ongekläert.

Vun den ursprénglech 32 Projets de règlements-grand-ducaux, sinn der knapp 12 den 1. Oktober 2015 am Memorial publizéiert ginn.

Op weider Reglementer gëtt wéi et schéngt verzicht an am Ministère setzen se verstärkt op deen een oder anere Guide de l'utilisateur. Op dës Aart a Weis gewënnt d'Ëmsetze vun enger Rei vun neien Dispositionen anscheinend u Flexibilitéit. Dat betrëfft ënner anerem esou därmoosse wichteg a virun allem nützlich Neierunge wéi z.B. d'Gestion par objectifs, de Programme an de Plan de travail oder och nach d'Entretien.

Et féiert virun allem awer zu engem absolute Flou artistique an zu engem ënnerschiddlechen oder esoueguer arbiträren Emsetze vun enger Rei vun Dispositionen. Besonnesch ervirhiewe kann een do d'Opstelle vun den Organigrammen oder d'Féiere vun den Entretien mat oder ouni Appreciation.

Mä 2015 war net nëmmen d'Joer vun de Reformen an der Fonction publique. International hu virun allem d'Attentater zu Paräis an d'Flüchtlingskriis dominéiert, sou dass d'Finanzkris a Griicheland oder d'Onrouen an der Ukrain scho bal an de Vergiess gerode sinn.

A matten dran hat Lëtzebuerg d'EU Presidence, eng Aufgab déi eist kléngt Land mat sengen dach éischer bescheidene Moyenen nees eemol mat Bravour gemeeschert huet. Ee weidere Beweis dofir, dass op déi lëtzebuengerer Fonction publique Verlooss ass.

Dat geet iwwregens och aus enger Etude ervir déi d'ILRes d'lescht Joer op Demande vun der Regierung realiséiert huet. An d'Resultat vun eben dëser Etude huet zumindest d'Gewerkschaften net weider iwwerrascht.

Wëll déi ganz grouss Majoritéit an zwar 84% vun deene Befroten hunn sech als ganz zefridde mat eise Verwaltungen a mat der Fonction publique am allgemenge gewisen. Zouverlässeg, vertrauenswürdeg an integer; esou gesäit de Bierger d'Beamten aus dem öffentlechen Déngscht. Naja, d'Fraise vun dëser Etude hätten se sech kéinte spueren, well wéi gutt eis Fonction publique ass dat wousste mir scho laang.

An dat gutt Resultat huet d'Regierung dann och direkt publizéiert, och wann se u sech a genee esou wéi hir Virgänger absolut kee Merite dorunner hunn. Au contraire! Well zënter ville Joren huet keng eng Regierung et verpasst fir de Beamten déi eng oder aner eranzewirgen. Ganz beléift an dësem Kontext sinn Extraaffer fir d'Fonction

publique ënner Form vun Nullronnen oder dem Opschibe vum Accord salarial, fir nëmmen déi ze nennen.

Mä well mir eben esou zouverlässeg an integer sinn huet dat sech weider net op d'Qualitéit vun der Fonction publique ausgewierkt. Genee de Contraire ass agestratt; vun 2008 bis 2015 ass den Undeel vun zefriddene Bierger oder Clientë vu 77% op ebe 84% eropgaang.

An trotzdem gëtt un deem fuschneien, onsäglechen an extremen Entertien- a Bewertungssystem festgehal. Och wann dat Ganzt ënner enger dach zimlech ofgespekter Form elo an de Verwaltungen ëmgesat gëtt, dann ass a bleift et een enormen Opwand an eng immens Zäitverschwendung ouni gréisser Konsequenzen.

Sécher ass et wichteg, dass an de Verwaltunge matenee geschwat get fir esou d'Prozeduren an domat de Fonctionnement vun deenen eenzelne Servicer do ze verbessere wou et néideg ass a wou et eppes bréngt. Mä muss een dofir wierklech esou ee Risenapparat mat Objektiv, Aarbechtspläng a Bewertungsmechanismen opriichten?

Wéi vill Verwaltunge fillen sech elo verpflichtet iergend eppes zu Pabeier ze bréngen an zwar eppes dat se dann awer och w.e.g. an deenen nächsten 3 Joer ëmsetzen? Muss een do wierklech mat groussen Innovatioune glänzen oder geet et schlussendlech net och duer, dass een einfach seng Aarbecht gutt mécht ? Well eng Verwaltung ass jo schliisslech kee Selbstzweck.

Se huet Missiounen déi kloer duerch e Gesetz definéiert sinn. An an deem legale Kader huet de zoustännege Minister deen néidege Spillraum fir vun der Verwaltung dat ëmsetzen ze loosse wat am Regierungsprogramm virgesinn ass.

An dofir brauch een net méi an net manner wéi gutt a motivéiert Beamten. Dass dat bis ewell och ganz gutt ouni eng Gestion par objectifs geklappt huet, dat beweisen d'Resultater vun der schonn erwähneter ILRes Etude.

An der Informatik soe se "never touch a running system". Mä an der Politik do schéngen se et jo besser ze wëssen. Et kann een also elo schonn op déi nächst Etude gespaant sinn.

Niewent der opgeschlossener Reform vun der Fonction publique huet d'Regierung dann awer och nach e puer weider Reformen an der sougenannter Pipeline wéi zum Beispill déi vun der lëtzebuerger Nationalitéit, vun der Fleegeversécherung oder dem Kannergeld an net ze vergiessen déi geplangte Steuerreform.

Am Kader vum Nationalitéitengesetz ass et engersäits zwar ze begréissen, dass d'Regierung en Avant-projet de loi presentéiert hat. Allerdéngs muss ee sech dach awer doriwwer wonneren, dass dat esou kuerz nom gescheiterte Referendum iwwer d'Ausländerwalrecht gemaach ginn ass. D'CGFP hat sech jo och zu dësem Avant-projet geäussert an hir Bedenke ganz kloer op d'Lockere vun de Sproochkenntnisser konzentréiert.

Elo kann een sech natierlech froe wat huet eng CGFP mam Nationalitéitgesetz ze dinn. Firwat muss sinn hire Pefferkär dozou bäileeën. Ma ganz einfach well mir, an ech soe ganz bewusst "mir" well d'AGC jo och Member vun dëser Confédération ass, also well mir net nëmmen eng Meenung zu deem Thema hunn, mä se och nach soen däerfen a mussen.

Iwwer den Droit du sol oder d'Residenzdauer kann ee jo nach diskutéieren. Mä wann et em d'lëtzebuenger Sprooch geet, also em dat wat eis national Identitéit ausmécht, da kann een net nach weider Kompromësser agoen.

A spéitstens do ass d'CGFP an hirem Rôle. Well wann ee bei de Staat wëll schaffe goen, da muss een u sech déi 3 Amtssprooch beherrschen. Och wann et elo schonn eng Rei Verwaltunge gëtt déi plus ou moins systematesch op d'Dispense vun enger normalerweis der lëtzebuenger oder esouguer zwou meeschtens dann och nach der däitscher Sprooch zeréckgräifen.

Dat schued allerdéngs dem Service um Bierger, notamment dem lëtzebuenger Bierger dee sech am Kontakt mat der Verwaltung net méi a senger Mammesprooch ausdrécke kann. Zum anere féiert et awer och zu enger manner gudder Kommunikatioun innerhalb vun de Verwaltungen. Well och wa mir eis alleguer zum Beispill gutt op franséisch ausdrécke kënnen da soen awer vill Kollegen a Réuniounen net onbedéngt dat op franséisch wat si och op lëtzebuergesch gesot hätten.

An dofir musse mir eis och als Gewerkschaft géint d'Bradéiere vun eiser Sprooch asetzen. Am Interêt vum Bierger a vun eise Memberen.

Laang gouf et dann awer weider keng Präzisioune wat déi geplangte Steierreform ugeet. An dunn vun engem Dag op deen aneren huet d'Regierung d'Kaz aus dem Sak gelooss. An iergendeppes schéngt se falsch gemaach ze hunn, well d'Reaktiounen sou wuel vun der Oppositionsbänk wéi och aus de Gewerkschaftsreihe waren duerchaus positiv.

Ab dem 1. Januar 2017 soll ze soe jidderee manner Steiere bezuelen. Ma wann dat emol keng gutt Nouvelle ass! An awer huet déi Saach e kleng batteren Nogesmaach: well dat wat mir 2017 dann elo kréie sollen, wäert wuel just duer goe fir dat ze kompenséieren, wat mir an deene leschte Joeren verluer hunn.

Mä eppes beweist dës Steierreform awer ganz kloer ... se kachen alleguer nëmme mat Waasser!

Sinn d'Sondageresultater bis miserabel, da gëtt op al bewäerte Methoden zeréckgegraff fir nees em d'Gonscht vum Wieler ze kämpfen.

Et ass just ze hoffen, dass en fin de compte fir jiddereen eppes positives dobäi erauskënnt an dass net awer nees deen een oder aneren deen et wierklech néideg gehat hätt am Kader vun dëser Reform trotz allem op der Stréck bleiwe wäert.

Op der Stréck bliwwen ass dann awer nees eemol déi ganz grouss Majoritéit vun de Kandidaten am Examen-concours fir den Accès an de Groupe de traitement B1. Dësen Exame war d'lescht Joer am Dezember a vu dass et deen éischte war zënter engem Joer waren d'Zuel vun de Kandidaten an déi vun de opene Plazen deementspreechend grouss.

Dat gëllt allerdéngs och fir den Taux d'échecs deen nees eemol all Rekorder gebrach huet. Trotz enger soe mir emol méi larger Appreciatioun vun den Epreuven, konnten dës Kéier net all d'Plaze besatz ginn.

Au vu vun de schlechte Resultater mat deene Lëtzebuerg dann och nees eemol am Kader vun der PISA Etude gegläntzt huet sot den Educatiounsminister dat kéim doduerch, dass mir esou vill Kanner mat Migratiounshannergrond an eise Schoulen hätten.

An awer packen 80% vun de Schüler de Premières Examen, also en ähnleche Pourcentage wéi dee vun de Kandidaten déi en Echec am Staatsconcours erliewen. Do muss een sech dach froen ob net awer iergendeppes an eisem Schoulsystem net esou richteg klappt.

Als Observateur am leschten Examen-Concours hunn ech proposéiert, dass de Ministère vun der Fonction publique sech dach emol mam Educatiounsministère zesumme sëtze soll fir dës dach widderspreechlech Resultater enger genauer Analyse ze ënnerzéien. Eng Propose un déi sech och nach aner Memberen aus der Kommissioun ralliiert hunn.

Mol kucken ob et da wierklech dozou kënnt a wa jo wat schlussendlech dobäi eraus kënnt.

D'Formatioun ass a war jo nach ëmmer de roude Fuedem dee sech duerch déi 40-jähreg Geschicht vun der AGC gezunn huet. Wann duerch d'Reformen an der Fonction publique bei der Formatioun virun der Entrée en service an Zukunft näischt méi ze maachen ass, da musse mir eis eben elo op déi Formatioun concentréieren déi duerno kënnt.

Mir mussen eis dofir asetzen, dass d'Redaktere während hirem Stage an doriwwer eraus dat u Formatioun nohuele kënne wat si trotz Premièresdiplom an dank engem lamentabele Schoulsystem leider verpasst hunn.

Mä ech wëll awer elo net schon dem Rapport d'activité virgräifen a vu dass mir denowend nach e chargéierte Programm virun eis hunn wier ech dann och um Enn vu menger Allocutioun ukomm.

Ech soen iech Merci.